Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Sébastien Ettelbréck

# Famillenduell

Dës Iddi ass net vun eis erfonnt, mee ass der Televisiounssendung ‚Famillenduell' noempfond.

Genau wéi bei der Telessendung, hu mir am Viraus eng Partie Leit (205 Stéck) puer Froën beäntwerte gedoën.
An der Versammlung selwer hun d'AvEx du missen errooden, wat déi meescht genannten Äntwerten zu de Froë war.

De Froëset mat den 205 Äntwerten ass an der Excel-Tabell en annexe. Um PDF sinn d'Graphiken + d'Topäntwerten ze fannen.

Fir während der Versammlung hu mir eng Powerpoint gehat, ob deenen d'Topäntwerten an duersichteger Faarw geschriwwen waren. Wann een AvEx eng vun den Topäntwerte genannt huet, hun ech d'Faarw vun der Äntwert op schwarz geännert.
Dës Powerpoint hu mer per Bildschirmübertagung iwwert eisen Discorduruff mat hinne gedeelt.

Am Ufank vun der Versammlung hu mer eis AvEx an 2 Equippen (Famillen) agedeelt. Anescht ewéi beim Original konnten d'AvEx bei eis alleguerten matäntwerten. Wann eng vun den Topäntwerten genannt gouf, kruut dat jeweilegt d'Team d'Punkte gudd geschriwwen.

## Eise Bilan

Insgesamt huet et sech bëssi gezunn. Mir hun bei der 7. Fro opgehalen. Mee insgesamt ass et awer gutt ukomm an d'AvEx hun groussen Asatz gewisen, bis zu deem Zaitpunkt wou hire Kapp ugefaangen huet wéizedoën 😬

Also pickt Iech déi Froën raus, wou der mengt dass se am Beschte bei äer AvEx passen :) (et sinn insgesamt 14(+2) Froën)

AvEx Ettelbréck, Mee 2020

AvEx Ettelbréck
Email : avex@saintsebastien.lgs.lu